

Subsiden a vun de Konventiounen zugonschte vu sozio-kulturellen Associatiounen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo d'Madame Minister Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn natierlech frou, well aus deem wat aus der Debatt erausgeet, schéngt et jo wéi wann awer eng grouss Majoritéit vun der Chamber dës Augmentatioun fir de Budget vum OPL géif stëmmen. Ech soen der Madame Stein merci fir d'Aart a Weis wéi si an der Kommissioun dës Aarbechte virbereet huet an och dofir gesuergt huet, datt mer elo virun der Elaboratioun vun dem Budget 2004 eng kloer Situatioun hunn an och wësse wou mer dru sinn.

Ech wëll op verschidde Kriticken dann zrëckkommen. Déi Zousätz, déi lertëmmer, déi hei an engem Gesetz korrigéiert ginn un anere Gesetzer, Här Fayot, dat ass eng Saach déi natierlech mat eiser Procédure législative ze dinne huet. An ech wëll dat vläicht och e bëssen aus menger Erfahrung als fréier Chamberpräsidentin soen, wou mer munchmol de Frust haten, datt een net ëmmer sécher war, wann den Text zu Enn élaboréiert war, datt och alles dra war an alles gestëmmt huet, an datt mer et bis elo och nach net esou richtig hikkritt hu fir eng Instanz ze schafen, déi dann déi lescht Sécherheet géif ginn. Ech weess och net, wou se misst geschaaft ginn. Mä op jiddede Fall huet de Législateur, mat Recht natierlech, net gär wann u sengen Texter Saache falsch sinn, déi herno iwwer Gesetzestexter nees musse korrigéiert ginn. Ech verstinn duerchaus déi Kritik. Mir hate keen anere Wee fir dat do richtich ze bëie wéi deen heiten. Ech soen dofir och merci, datt dat konnt mat ënnerbruecht ginn.

Zum RTL- fréieren an heitegen OPL-Orchester. Fir d'alleréischdt déi prinzipiell Diskussioun Etablissement public oder Fondatioun. Ech sinn nach ëmmer der Meinung, datt d'Formule vun der Fondatioun déi besser ass, wann ee wëllt e Sponsoring kréien a wann een net wëllt vu vireen an Aussicht stellen, datt de Stat hei alles dréit. Ech mengen, dofir ass de Virwurf, mir hätten hei net alles gesot, mir géifen hei Verstoppches spillen, et géif een net wëssen, wat nach op eis duerkeim, deen ass an där doter Relatioun ze gesinn. Ech mengen, wa gewosst ass, de Stat deen iwwerhëlt dat dote souwisou, da kritt ee jo selbstverständlech ëmmer manner Privatsponsore beweegt fir dorunner deelzehuelen, an dofir muss e gewëssenen Drock bleiwen, et muss eng gewëss Insécurité sinn. Passt op, wann eng Kéier d'Zäite méi schlecht ginn, da kann de Statsbudget net ad eternum ausgeweit ginn, an ech géif mech dofir ausdrécklech asetzen, datt et net esou soll sinn, datt hei automatesch de Statsbudget alles iwwerhëlt wat u Käschten ufällt.

An deem Sënn huet jo och d'Direktioun vum OPL an de vergaangene Joren immens Effortë gemaach. A wann ech lech d'Sponsoren opziele, déi mëttlerweil beim OPL derbäi sinn - dat wier vläicht aus dem Bericht vum Joer 2002 ervirgaang, deen der Chamber dann och selbstverständlech ausgedeelt gëtt -, do hunn d'SES, d'Banque Générale, d'Post, d'CEGEDEL, d'Banque de Luxembourg, Paul Würth, Arcelor, CARGOLUX, ISP, PricewaterhouseCoopers an d'HSPC-Bank gesponsort. Dat heescht et si Privatsponsoren, déi hei mat ugetratt sinn. Et sinn der vill méi wéi et der virdru waren. Et ass eng Augmentatioun vu 14% am Budget vun 2002 u Gelder, déi duerch private Sponsoring konnten erwirtschaft ginn. D'Stad Lëtzebuerg ass och zu de Sponsoren ze

rechnen. Dankbarerweis kënne mer eis drop verloossen, datt all Kéiers déi Zouwendunge kommen, déi si als Membre fondateur bäisteieren.

An deem Sënn ass et schonn net esou, datt och den Opruff vum Statsminister ouni Echo bliwwer. Et muss en awer dann natierlech dozou soen, datt déi Aart a Weis, wéi den OPL haut mat senger Gelder haushalt, den absolute Luef verdingt. Dat geet jo och aus den Debattebeiträg ervir. Ech soen dem Här Kriepe merci, datt hien dorop higewisen huet, datt wierklech d'Musiker net mat Saucisse ugestréckt sinn, wann een dat esou e bësse populär ka soen, well wann een déi gréisst Kategorie vun de Musiker kuckt - dat ass d'Kategorie 3 vun de Gehälter -, da gesäit een datt d'Gehälter an der Gréisenuerdnung leie vun deem wat d'Endgehalt vun engem Huissier beim Stat ass, an do muss ee soen, datt ass net iwwerdrifwen. Dat si keng Supergehälter. Déi Musiker sinn net esou bezuelt, datt ee kënnt soen, do gëtt iwwert d'Sträng geschloen an do gëtt iwwerdrifwen. Et ass natierlech och remarquabel, datt deen Orchester nimools Problemer gemaach huet, datt et nimools zu Aktiounen komm ass, déi de Betrib perturbéiert hätten, au contraire, et war ëmmer eng grouss Bereitschaft, e groussen Idealismus do fir do ze sinn, wann et geheescht huet fir eben deen Ambassadeur culturel ze si fir eist Lëtzebuurger Land, dee mer brauchen.

A wann ech do kucken, wéi mer eis munchmol ploie fir eisen Image de marque no baussen ze verbesseren, a wéi mer Broschüren drécken, déi heiansdo a ville Kellere stockéiert sinn an net ausgedeelt ginn, a wéi mer künstlech wëllen eis en aneren Image ginn, wéi ëmmer nëmmen dee vun der Bankeplaz mat deem mer meeschtens an negativ Schlagzeile gerdend, dann ass den OPL en excellent Beispill.

Elong duerch d'Iwwerdroung an duerch d'Zesummenaarbecht mat der UER, Unioun européenne de radiodiffusion, an och domat dem sozio-kulturelle Radio hei zu Lëtzebuerg, kënne Concerten a vill Länner iwwerdroe ginn. Zum Beispill ass de Concert vum 24., 25. November a 14 Länner iwwerdroe ginn. Wa mer eis dann emol e Bild maache wéi vill Milliounen Auditeure mer domat errechen, wéi vill mol do de Numm Lëtzebuerg fällt am Zesummenhang mat excellenter Musik, dann, mengen ech, hu mer hei Ausgaben déi, an deem Kontext gekuckt, sech duerchaus justifiéiere loosse.

Ech wëll zum Schluss awer nach e puer Wuert zu deene Virwërf soen an zu deenen Awänn, déi hei mengen, mir hätten eis iwwerschat oder mir hätten eis op e Wee begaang, wou mer op eemol mat de Finanzen an der Kultur net méi duerkommen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn all Kéiers esou betraff, wann ech gesi wéi bei der Kultur hei d'Hoer gespléckt ginn, woubäi an anere Beräicher déi dote Froen net gestallt gi sinn. Zum Beispill hu mer de Fënnfjoresplang am Sport ouni Weideres gestëmmt. Den aachten ass et. Et si ganz gewëss gutt Investitiounen, an och do gëtt et Folgekäschten, an do ass kee Mënsch dee sech d'Fro stellt, ass dat do net ze vill, hu mer eis do net iwwerschat. Et ass och kee Mënsch deen d'Fro opwerft, wéi et ass mat dem Finanzement vun deenen Institutionen, déi eis jo sollen op anere Gebidder vertrieeden, déi net ëmmer eis qualitativ esou gutt Leeschtunge bréngen - dovun net geschwat -, mä déi awer och eppes kaschten. Nu gëtt nun eemol Verschiddenes finanzéiert iwwer Lotto. Dat ass eng Kéier decidéiert ginn. Ech géif mer wënschen, datt een och esou eng Formule fir d'Kultur géif gesinn als Zousatzfinanzement. Ech géif awer hei och wëlle virun enger Panikmaache warnen.

Mir hunn emol éischtens an dëser Phas zënter 1995 en Nohuelbedarf. Jiddferree ka sech nach erënnere wéi mer 1995 d'Kulturjoer hatten, wat fir een Aarmutt datt dat war, datt mer keng Infrastrukturen haten, an datt mer eis do hu misse mat Zelter aushëllef fir einegermoosse kënne kulturell Aktivitéiten hei oflafen ze loosse.

Wa mer eis vergläiche mat Stied wéi Metz, Tréier, Saarbrécken, musse mer dach soen: Si mer e Land oder si mer kee Land? An da brauche mer e Concertssall. Mir brauche ganz einfach Infrastrukturen, déi och engem Land würdeg sinn. Wann ech dat a Relatioun setze mat der Evolutioun vun dem ordinaire Budget vun den Ausgabe vun der Kultur, da gi mer zur Zäit 1,19% insgesamt vun eiem Statsbudget fir Kultur aus. Ech géif soen, wann do och nach e puer Punkten hannert dem Komma derbäi géife komme fir all déi grouss Equipementer, déi elo op eis duerkommen an déi mat der Finanzinspektioun, mam Budgetsminister all Kéiers an hirer Evolutioun duerchgeschwat sinn a sech selbstverständlech mussen no der Budgetsnorm ausrichten, da si mer an enger Situatioun déi duerchaus ze vertrieeden ass, déi eist Land op den Niveau vun aneren Nopeschlänner emol setzt, ouni datt mer déi iwwerschreiden.

Dat gesot, ass natierlech déi Relatioun fir ze soen, Dir investéiert an déi staatlech Kultur an Dir loosst déi sozio-kulturell Associatiounen op der Säit, eng falsch Rechnung, well alles wat hei gemaach gëtt, esouwuel de Concertssall wéi d'Rockhal wéi de Centre culturel Neimünster, vun deenen Infrastrukturen profitéieren dach leschten Enns och all déi doten Organisateuren, déi iwwert de Wee vun der Bereetstellung vun Infrastrukturen oder vu logistescher Hëllef, déi do hir Aktivitéite kënne maachen. Et ass also net nëmmen dat wat a Form vu Subsiden erausgeet, et ass och eng Aide en nature, déi een hei a Rechnung muss stellen.

Ech sinn dofir der Meinung, datt mer wuel eis sollen iwwerleeë wéi mer kënnen eng Reform vun Fonds culturel ustriewen, fir och do déi ekonomesch Notiounen emol dran ze kréien. Net all Kultur ass defizitär. Do gëtt et Organisatiounen mat deene Geld verdéngt ka ginn. Wann do iergend ee Veräin e gudde Concert mécht, wou e ganz vill Spectateuren huet, da kann en duerchaus seng Rentréeeën eraspillen. Da loosst mer eis dat emol aus de Käpp eraushuele loosse, datt et do ëmmer nëmmen drëm geet fir de Grapp opzehalen, datt d'Kultur am Fong geholl e Faass ouni Buedem ass, wéi hei gesot ginn ass. Dat ass net méi richtig.

Esou wéi haut de Kulturbetrib funktionéiert, ass dat en Investissement an Aarbechtsplazen. All Suen, déi hei ausgi ginn, do sinn der ganz vill déi gläichbedeitend si mat Aarbechtsplazen, an deen Zousaz, deen haut gestëmmt gëtt hei vun der Chamber, dat ass fir e Betrib vun 100 Aarbechtsplazen ofzesécheren.

An deem Sënn sinn dat och Leit déi Steiere bezuelen, déi erëm eng Kéier Recettë fir de Stat bréngen, déi hei Sue verzieren, déi hei en ekonomeschen Apport bréngen, an dofir loosse mer eis dach lassmaachen, well wa Vertrieeder vun der Kulturkommissioun vun der Chamber mat dem Gedanke ronderëm ginn, datt d'Kultur e Faass ouni Buedem ass an ëmmer nimm muss de Grapp ophalen, dann hëlt se jo der Kultur dat wat hiert eegent ass, hir Dignitéit. Et geet hei drëm fir Kultur ze maachen an enger Atmosphär vu Würde, fir déi Aktivitéiten op deeselechten Niveau ze setzen. Si stinn a menger Appréciatioun iwwert dem Niveau

vun aneren Aktivitéiten, well se eben dat Geeschtegt usprieche am Mënsch, an ech mengen, Dir Dammen an Dir Hären, méi wéi jee hu mer dat haut néideg.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mer kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de virleien de Projet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 45 Jo-Stëmmen an 12 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf (par M. Ady Jung), Norbert Hauptert (par M. Fred Sunnen), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Gusty Graas), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Georges Wohlfart), MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Lucien Lux), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Jeannot Krecké), Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer (par M. Jean Asselborn) et Georges Wohlfart;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen (par M. Fernand Greisen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).-** Här President, kënnt Der net eng Kéier no deene Maschinen do kucken?

**M. Jean Asselborn (LSAP).-** D'Procuratioun geet einfach net!

**M. le Président.-** Wat geet dann net? Mat Ausnahm vun aacht Stéck, déi net besat sinn, funktionéiert et dach.

**M. Jean Asselborn (LSAP).-** Jo wéi dann? Mir konnte keen drécken. D'Procuratioun ass net gaangen. Mir konnten net fir ee stëmmen.

**M. le Président.-** Ass bei lech och d'Procuratioun net gaangen?

**Des voix.-** Dach.

**M. le Président.-** Dir musst op déi richteg Knäppercher drécken.

Gëtt d'Chamber d'Dispens zum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4949 iwwert d'Festung vun der Stad Lëtzebuerg.

Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Schroell, Greisen a Garcia.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Claude Wiseler.

## 2. 4949 - Projet de loi relative à la restauration et à la mise en valeur de certaines parties de la forteresse de Luxembourg

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture**

**M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet am Projet 4949 ëm d'Extensioun vum Itinéraire culturel Vauban, ëm den Aménagement vun dem Musée de la Forteresse an dem Neiopbau vum Fort Obergrünwald an zousätzlech Aarbechte ronderëm d'Forteresse an hei och en Zousatzbudget, fir déi Aarbechten ze maachen.

Et sinn a sech Aarbechten, wou méi wéi eng Kéier, wéi dru geschafft ginn ass, d'Fro gestallt ginn ass: Mussen déi Aarbechten elo sinn? Solle mer dat maachen? An eng Fro op déi ee sech muss, wann een esou de Gesetzestext stëmmt, och eng Äntwert ginn, a fir déi Äntwert muss ee sech nach eng Rei aner Froe stellen. Firwat maache mer dat hei? Firwat maache mer déi Aarbechten? An am allgemengen: Wéi gi mer un esou historesch archeologesch Aarbechten erun a mat wat fir enge Kritäre gi mer dorun?

Ech wëll do eng Rei Froestellungen, déi och an der Kommissioun opkomm sinn, vläicht probéieren hei ze resuméieren. Déi éischt Froestellung an deem Kontext ass déi vum Émgank, deen ee selwer mat senger eegener Geschicht huet. Ech si keen, dee mengt, datt all Haus hei zu Lëtzebuerg, dat méi wéi 50 Joer huet, erhaltenswäert ass, eleng duerch de Prinzip datt et e gewëssenen Alter huet an datt ee kënnt soen, datt et sech domat an iergendeng Geschicht aschreift. Ech mengen awer, datt et wichteg ass, datt een dat wat een als Zeie vun enger preziser Geschicht erausschiele kann, da wann et e Symbol vun eppes ass, da wann et eng besonnesch Plaz an der Lëtzebuurger Geschicht huet, da wann et en Deel vun eiser Identitéit huet, datt et da scho wesentlich ass, datt mer esou Zeie vun eiser Geschicht probéieren ze erhalen fir eis selwer, schonn an enger éischter Etapp, well si weisen eis vu wou mer kommen, si weisen eis zu engem Deel och wie mer sinn a ginn zumindest en Deel vun enger Explicatioun vun der Lëtzebuurger Identitéit, zu der Lëtzebuurger Geschicht an hëllefen eis vläicht och domat ganz e wéineg verstoe wou mer higen.

Déi zweet Froestellung, déi ee sech an deem Kontext muss stellen, dat ass déi: Wat bréngt et eis um ekonomeschen, wat bréngt et eis um touristeschen Niveau? Kann et eng Attraktioun sinn? Kann et an deem Effort, dee mer säit laange Jore maache fir eis Stad, fir eist Land ze weisen, zousätzlech eppes bréngen? Wat dréit et zum Bild vun eiem Land, vun eiser Stad bäi? An esou Aarbechte mussen e Surplus sinn, mussen en zousätzlecht Bild vun eiser Geschicht sinn a mussen zu engem Deel weisen d'Wichtigkeet vun der Stad Lëtzebuerg an dem europäesche Kontext, an der europäescher Geschicht, a mussen eis hëllefen eist Bild an Europa, an der Welt ze bekräften, mat där Identitéit déi mer hunn a mat där laangjähreger Geschicht déi eis ass.

Déi drëtt Froestellung an deem Kontext ass: Wat bréngt et fir de Quartier vun der Stad Lëtzebuerg, wou et sech aschreift? Well et huet jo ëmmer eng geographesch Im-



plantatioun. Verschéinert et de Quartier? Ass et eng zousätzlech Attraktioun? Bréngt et zousätzlech Liewensqualitéit an engem Quartier?

An ech denken datt déi Aarbechten, déi hei virgestallt sinn, déi Extenssioun vum Circuit Vauban engersäits, an och dem Musée de la Forteresse, op déi dräi Froestellungen kënnen eng positiv Äntwert ginn.

De Circuit Vauban, well en zousätzlech zum Circuit Wenzel sécherlech en touristeschen Attraktionswäert huet an a sech och eng ganz Rei Méiglechkeete gëtt fir kulturell a majeur Attraktiounen duerch d'Lëtzebuurger Stad ze weisen. E féiert duerch déi historesch Quartiere vun der Stad, weist déi wichtegst Punkten, déi strategesch Punkte vun der Stad, e weist de militäresche Passé vun der Stad Lëtzebuerg, e weist och zu engem Deel de Charme vun de Faubourgen, de Charme vum Pafendall an e gëtt d'Méiglechkeet fir eng ganz Rei Vuen iwwert d'ganz Stad ze kréien.

De Musée de la Forteresse senger-säits, well en d'Alentoure vum Fort Thüngen presentéiert, well en och d'Muséographie verstärkt a well déi Projeten, déi elo hei virgesi sinn, eis erlaben einfach déi technesch Nécessitéite vun esou engem Musée, wéi zum Beispill d'Sorties de secours oder d'technesch Lokaler, einfach esou hinze-kréien, wéi ee se muss hikréien, wann een e moderne Musée mécht.

An de Fort Thüngen, d'Forteresse an haaptsächlech de Fort Obergrünwald, dee frësch opgebaut gëtt, si wichteg, well et d'Méiglechkeet gëtt domat en Ensemble ze presentéieren a sech an déi ugefaangen Aarbechte fäerdeg ze maachen.

Wat d'Fro natierlech hei ass vun deem Projet, dat ass ëmmer bei esou Aarbechte wéi déi hei, wat archeologesch Aarbechte sinn, datt et net ëmmer einfach ass am Ufank d'Extenssioun vun esou Aarbechten anzuschätzen, well een net ëmmer weess wat een ënnert dem Buedem fënnt, an duerch dee Grond, well een hei an dem stater Buedem heiansdo méi fonnt huet wéi ee sech am Ufank erwaart huet, ass och eng Extenssioun vun der Enveloppe noutwendeg gewiescht.

Et muss ee wëssen, datt déi 14 Milliounen Euro, déi elo hei zousätzlech gestëmmt ginn an deem Projet, dovunner ronn 5,2 Milliounen fir den Neiopbau vun dem Fort Obergrünwald sinn an 3,2 fir d'Muséographie vun dem Musée de la Forteresse.

Et ass awer och ganz kloer, datt et net d'Zilsetzung ass fir déi ganz Forteresse erëm auszegruewen a frësch opzebauen. Dat kann et net sinn, dat däerf et net sinn an dat brénge mer jo och net ronn. Wat awer ganz kloer ass, dat ass datt dese Fort erëm soll opgebaut ginn an och e klingen Deel vun der Forteresse am Allgemengen, ronn 2,17%. Dese begrenzten Opbau erlaabt et trotzdem e gutt Bild ofzegi wat déi Forteresse fréier war an domat e gudden Abléck an eis Geschicht ze ginn.

Ee vun de Punkten, deem d'Kommissioun an der Diskussioun opgeworf huet, war d'Gestioun vun dem Musée de la Forteresse. Do hate mer eng laang Diskussioun driwwer an de Kulturministère huet eis informéiert, datt hien déi Gestioun esou maache wëllt, datt se am Kader vum Artikel dräi vum Gesetz vum 28. Dezember 1988 iwwert d'Reorganisatioun vun den Instituts culturels duerch e Règlement grand-ducal géing eng Sektoun vum Service des sites et monuments ginn, an datt se och kéint, wat déi wëssenschaftlech Expertise ugeet, vun engem Comité d'experts begleet ginn. Dat ass eng Aart a Weis fir dee Musée ze géréieren, deem a sech der Kommissioun positiv agelicht huet.

Da wëll ech nach soen, datt mer an deene leschten Deeg och eng Fiche financière, déi vum Conseil d'Etat a vun der Kommissioun gefrot war, zur Verfügung gestallt kruten op Basis vum Artikel 79 vum Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Budget, d'Kontabilitéit an d'Trésorerie vum Stat, esou datt sech elo jiddferee kann e Bild maachen, wat d'Nofolgekäschte vun deem heiten Text sinn.

Voilà, ech wëll domadder soen, datt de Conseil d'Etat den Accord zum Text gëtt an datt d'Majoritéit vun der Kommissioun och der Chamber réit dësen Text ze stëmmen. Ech soen lech domat merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, ech wëll fir d'éischt am Numm vun onser Fraktioun e puer Wuert soen. Meng Fraktioun wäert dese Projet stëmmen. Et ass an der Continuatioun vun enger Entreprise, déi 1993 ugaangen ass, wéi mer an dëser Chamber e Gesetz gestëmmt hunn, wat 270 Milliounen fir d'Restauratioun vun der Forteresse virgesinn hat. Dunn ass d'Gesetz vun 1997 komm iwwert de Musée vun der Forteresse fir 665 Milliounen an elo dat heite Gesetz 4949 vun engem Montant vu 566 Milliounen al Lëtzebuurger Frangen iwwert de Finissage vum Sentier Vauban an och d'Muséographie vun dem Musée de la Forteresse. Insgesamt sinn also 1? Milliard al Lëtzebuurger Frange fir déi Entreprise vun dëser Chamber gestëmmt ginn.

Et kann een duerfir eng Partie Argumenter fannen. Den Här Rapporteur huet dat jo mat grousser Präzisioun gemaach. Hien huet et och net un engem gewësse Lyrismus feele gelooss, wann ech a sengem Rapport liesen iwwert de Circuit Vauban, wou hie seet: „Il passe par de vieilles portes de ville, traverse de sombres casemates, franchit d'élégants ponts fortifiés et visite plusieurs ponts et bastions.“ Dat ass jo bal eng dithyrambesch Beschreibung vun deem Sentier, deem do opgebaut gëtt. Am Exposé des motifs gëtt jo och ganz staark drop higewisen op déi touristesch Attraktioun, déi dat da fir déi Leit ausmécht, déi op Lëtzebuerg komme sollen, ugezu vun deem Sentier Vauban.

Mir wëssen och, dass deem déckste Batz vun deem Projet, dee mer elo hei ze stëmmen hunn, den Erëmopbau vum Fort Obergrünwald ass, dat heescht e grouse Fort, den Dräi Echele virgelagert, an den Aménagement vun deem ganze Ronderëm. Wéi gesot, meng Fraktioun stëmmt dese Projet. Ech wollt awer och am perséinlechen Numm e puer Remarken dozou maachen, déi vläicht e bësse méi kritesch sinn. Ech hunn déi Projekte virdrun net matgestëmmt, well ech zu där Zäit net d'Eier hat an der Lëtzebuurger Chamber gewiescht ze sinn. Ech hunn also do vläicht eng gewësse Fräiheet vis-à-vis vun der Entreprise, déi do gemaach ginn ass.

Éischters emol muss ech soen, dass ech e bëssen erstaunt sinn, dass am Projet, deem elo virläit, am Musée de la Forteresse nei Dépensé dobäikomme fir zum Beispill eng Sortie de secours op eng aner Plaz ze maache wéi se virdru virgesi war, an dass d'Salle de spectacle huet misse réaménagéiert ginn, well d'Maquette vun der Festung vun der Stad Lëtzebuerg dobäikënn. Ech hätt mer geduecht, dass een dat awer hätt kënnen virdru plangen. Iwwregens muss ech och soen, dass mer an der Kommissioun ganz staark kritiséiert hunn, dass dee Musée vun enger A.s.b.l. sollt géréiert ginn. Verstännegerweis huet d'Regierung jo do agelenkt a gesot dat géif

e Service ginn, dee rattachéiert wier un de Service des sites et monuments, wat mir natierlech begrëssen.

(**M. Nico Loes prend la Présidence**)

Meng Kritik ass awer an der Haaptsaach déi ganz wäitgehend Restauratioun vu Festungselementer. Fir mech ass den Opbau vun deem Fort Obergrünwald wierklech iwwerdriwwen. Ech fanne wierklech, dass een net muss esou wäit goe fir d'Festung interessant ze maachen. Ech menge souguer, dass dee Wiederopbau vun dem Fort Obergrünwald d'Silhouette vun der Stad Lëtzebuerg ännert. Ech sinn déi lescht Wochen öfters am Pafendall circuléiert, dat écraséiert richteg de Pafendall. Ech muss och éierlech soen, dass ech dat Argument vun der Revalorisatioun vum Pafendall duerch dee Sentier Vauban net esou gesinn. Fir de Pafendall a sech ass domat net ganz vill erreecht.

Ech muss éierlech soen, dass deem Erëmopbau elo ophéiere muss. D'Madame Minister huet jo och an der Kommissioun gesot, dass dat heiten dat lescht wär wat mer erëm opbaue géifen. Ech si frou, dass déi Deklaratioun vun der Madame Minister komm ass. Mir hate esou eng Phas och fir d'Festung en valeur ze stellen um Enn vum 19. Jorhonnert wéi den Huelen Zant opgebaut ginn ass, nodeem dass d'Festung geschlaff ginn ass. Bon, elo maache mer och, ech wëll net soen eng Partie huel Zänn dorëmmer, mä trotzdem geet et e bëssen an déiselwecht Richtung. Ech erënneren och drun, dass dat d'Zäit war wéi den Hochkönigsburg opgebaut ginn ass oder wéi Neuschwanstein gebaut ginn ass. Dat ass also eng Manéier fir un eng Stad erun ze goen, déi ech net esou apprécieieren. Duerfir wäert ech mech bei deem Projet enthalten.

Här President, wéi gesot, dat soll deem net Ofbroch dinn, dass trotzdem hei eng interessant touristesch Attraktioun gemaach gëtt, mä ech mengen et muss een oppassen, dass een net iwwerdreift mat der touristescher Attraktioun. D'Forteresse, d'Alstad ass keen Disneyland. Et ass eng Stad déi liewe soll, déi hir Silhouette, hir Geschicht behale soll an ech menge mir sollen, well mer eben och esou vill Suen haten an och nach ëmmer hunn, net iwwerdreiwéi fir ze vill domat ze maachen, dat ze vill ze exploitéieren.

Heiansdo ass et gutt, wann een eng Stad sech natierlech entwéckele léisst. Ech sinn och vill op Dräi Echele gaang a vill an de Pafendall spaziéiere gaang, éier dat heil alles gebaut ginn ass. Ech muss lech soen: Et hat ganz vill Charme.

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Fayot. Als nächste Riedner ass den Här Schroell ageschriwwen. Här Schroell, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marco Schroell (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, loosst mech am Ufank vu menger Interventioun dem Här Wiseler merci soe fir säin detailléierte Rapport zu deem feelerfräie Gesetzesprojet. Et handelt sech hei ëm eng weider Restauratioun a Valorisatioun vun eiser Festung. Dës Restauratioun ass schonns virun zéng Joer hei décidéiert ginn a mat Erfolleg um Terrain an Ugrëff geholl ginn. Weider Dealer vun deem imposanten architektonesche Komplex sollen elo vun esou enger Opwärtung profitéieren.

Eis Festung ass ouni Zweifel d'Markenzeche vun der Stad Lëtzebuerg a prägt d'Landschaftsbild op eng impressionnant Aart a

Weis. Bidden eis haut déi al Festungsmaueren e wonnerschéint Postkaartemotiv, esou muss mer eis awer bewosst bleiwen, datt keng esthetesch Kritären dese Bau diktéiert hunn. Neen, et ware militäresch a strategesch Suergen, déi iwwer Jorhonnerten d'Form vun der Festung bestëmmt hunn.

Här President, d'Festung ass enk mat eiser Geschicht verbonnen. Ouni wëllen eng historesch Ausféierung op dëser Plaz ze maachen, wou ech op all eenzel Contributiounen vun deene verschiddene Besatzungsmuechte beim Entstoe vun der Festung kéint agoen, kann een awer ganz generell soen, datt d'Festung esou ze soen d'Opfer vun hirem eegene Succès war.

Konnt si wuel der stater Bevölkerung méi wéi eng Keier Schutz bidden, sou war se dach dank hirer excellenter geographescher a strategescher Lag, an dat ass déi aner Säit vun der Medail, alle Convoitsen ausgelievert. Attacken a Belagerungen sinn net ausbliwwen zum Leed vun der lokaler Bevölkerung. Lëtzebuerg gouf duerch seng renomméiert Festung zur „pomme de discorde“ an zum Spillball vun deene groussen Natiounen.

Dës Situatioun huet ugedauert bis 1867, nodeems et bal zu engem Krich fir de Besëtz vun eisem Land tëschent eisen zwee groussen Nopere kouw. Fir deem Gestreits iwwert d'Festungsstad en Enn ze setzen, hunn déi grouss europäesch Natiounen um Londoner Kongress décidéiert, Lëtzebuerg wesentlech manner interessant ze maachen, ganz einfach andeems den Atout par excellence sollt verschwannen. Deemno gouf d'Festung geschlaff an et war eriwier mam Gibraltar vum Norden.

Et soll een awer net nostalgesch doriwwer sinn, vill méi war d'Schläife vun de Festungsmaueren eng Chance fir eist Land, well et effektiv laang Joren a Rou gelooss gouf. Et war och eng Chance fir d'Stad selwer, déi sech konnt ausbreeden, sou ze soen aus sech eraus goen. Do wou déi imposant Festungsmauere stonge si Parken entstanen. Nei Wunnquartiere sinn déi aner Säit entstanen, wéi de Belair an de Lampertsbiërg, an och a Richtung Gare konnt d'Stad sech entwéckelen.

Glécklecherweis blouf eis awer ee groussen Deel vum Festungskomplex, deem am Fong just entschäerft gouf, erhalen, sou datt haut nach weider dem Vauban seng Aménagerement d'Silhouette vun der Stad prägen. Während laange Joren ass awer deem eenzegaartege Patrimoine sech selwer iwwerlooss gewiescht, oder et ass sporadisch an oft op eng onwëssenschaftlech Aart a Weis rafistoléiert ginn, wéi mä Virriedner dat elo un Hand vum Huelen Zant erwänt huet.

Zënter den 80er Jore konnt dunn d'Revalorisatioun vun der Festung mat Konzept an Ugrëff geholl ginn. Dës Astandsetzung huet och Fouillen an deemno nei Erkenntnisser mat sech bruecht. D'Zil vun där Restauratioun war a bleift net einfach nëmmen déi visibel Strukture méi uschaulesch ze gestalten. Verschiddenes ass an deenen zéng leschte Joren och erëm opgebaut ginn an dat am Respekt vun deenen internationale Charté vu Malta a Venedig. Dat heescht, Ales an Neies muss kënnen vun eneen ënnerscheet ginn. Och den Avis vun der UNESCO, deem d'Festung an déi al Quartieren 1994 als Weltkulturpatrimoine klasséiert huet, gëtt enk befollegt. Och ass et net d'Zil, esou vill wéi méiglech erëm opzerichten. Bei deem heitege Projet de loi sinn insgesamt 2,7% vun der gesamter Festung concernéiert. De Fort Obergrünwald soll representativ fir déi aner Forten erëm opgebaut ginn, an e konkret Beispill vun esou engem Bau duerstellen.

D'Festung an d'Alstad ginn als Lieu de rencontre verstanen an net nëmmen als stomm Mauer. De

Circuit Wenzel an de Circuit Vauban bewiesen, datt een op eng interessant a pedagogesch Manéier de Leit d'Festung ka méi no bréngen. Dëst ass och de Sënn vum Festungsmusée op den Dräi Eechelen, deem deemem Projet no soll ausgebaut ginn. D'Extenssioun vum Circuit Vauban erméiglecht zugläich eng Revalorisatioun vum Pafendall. Hei befanne sech effektiv déi meescht Iwwerreschter, déi mat deemem Projet solle restauréiert ginn. Dësen traditionelle stater Quartier kéint deemno zu nieiem Liewen erwächen.

Här President, an deene leschte Joren huet sech eis Festung als Publikumsagnéit, souwuel fir d'Leit déi hei lieue wéi och fir d'Touristen etabliert. Dat bewiesen déi héich Visiteurszuele vu méi wéi 120.000 Leit pro Joer. D'Festung ass deemno e Fer de lance vum stater an nationalen Tourismus. Mir wëssen all wéi eng Wichtigkeet den Tourismus mat sengem ekonomeschen Aspekt fir eis Geschäftswelt huet. D'Festung ass sou ze soen eng vun eise beschte Visitékaarten iwwerhaapt.

De Sënn vun der Festung huet sech also radikal geännert. Hat se eng militäresch a strategesch Funktioun à l'origine, sou huet se elo eng kulturell. War et an der Vergaangenheet den Zweck vun der Forteresse, Friemer dobaussen ze loosse an ofzeschrecken, also defensiv, sou gesi mer se haut als Unzierungspunkt, als attraktiv Invitationskaart, déi d'Leit solle bewege bei eis ze kommen. Här President, dofir wäert meng Fraktioun och hiren Accord zu deemem Projet de loi ginn.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Schroell. Als nächste Riedner ass den Här Greisen ageschriwwen. Här Greisen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Fernand Greisen (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Merci un all déi Leit, déi un deemem Projet matgeschafft hunn. Ech wëll net och nach esou wéi d'Riedner vun de Majoritéitspartei mat groussaartege Wieder weider Argumenter liwwere fir an eng touristesch Broschür iwwert d'Festung Lëtzebuerg, an dofir zum Projet just dat hei.

Et ginn eng Rei Aarbechten erméiglecht fir d'Erhalen an den Ausbau vu wichtige Zeien aus eiser Vergaangenheet, mat ënnert aneem de Festungswierker Berlaumont, Nieder- an Obergrünwald an Thüngen, an nach den Ausbau vum Circuit Vauban.

Mat am Projet sinn awer och Ausgaben enthalten, déi et erméiglechen eng Ausstellung an d'Arriichtung am Festungsmusée Dräi Eechelen ze maachen. Déi virgesinne Käschtchen sollen eppes 14 Milliounen Euro net iwwerschneiden. D'Aarbechten, déi iwwer fënnef Joer lafen, sollen also ronn 565 Milliounen Lëtzebuurger Frang kaschten. Den Empfang an d'Dauer vun dësen Aarbechte loosse et zou, dass Lëtzebuurger Entrepreneuren hei während fënnef Joer weider eng Beschäftegung fir hir Leit fanne wäerten, eppes wat grad an dësen Zäiten net ze ënnerschatzen ass.

En éischt Gesetz aus dem Joer 1993 huet deemools ronn 270 Milliounen virgesinn, fir iwwer sechs Joer verschidden Iwwerreschter vun de Festungsbauten erëm opzerichten. D'Aarbechte sinn zur allgemenger Zefriddenheet ausgefouert ginn. Et muss een awer dat Ganzt kucken, andeem een och d'Gesetz vum 17. Februar 1997 mat abezitt, wat ronn 670 Milliounen fir de Festungsmusée virgesäit.

An deem Zesummenhang wëll ech un d'Positioun vum ADR erënnere, wou ech gesot hunn: De Projet vum Festungsmusée geet net wäit genuch, hien ass net komplett. De Projet restauréiert nëmmen e klengen Deel vun enger eenzeg nach zesummenhängender Festungsanlage. Schonn deemools huet den



ADR virgeschloen, dass nieft dem Klasséieren och d'Opwäerten an d'Schütze vum ganze Plateau mat de Festungswierker gemaach misst ginn, mam Erhalen a Verbesserung vum natierlechen Ëmfeld vum Plateau mat senge Bëscher, Parkanlagen als Erhuelungsgebiitt. Wéi ëmmer huet d'Regierung och hei d'Ausgaben ënnerschätzt, well jo mat dësem neie Projet och Gelder virgesi gi fir d'Austellung an d'Ariichtung am Festungsmusée selwer.

Schonn am Joer 1997 huet de Statsrot déi feelend Berechnung vun de Betribskäschte bemängelt. Haut si mer 2003, an net méi spéit wéi gëschter krute mer e Blat vun der Regierung mat e puer Zeilen iwwer geschätzte Käschten a méiglechst Akommes. En Investitiounsprojet vun enger halwer Milliard mat esou engem Pabeier ze begrënnen, dat féiert an der Privatwirtschaft an d'Faillite. Mat esou engem Pabeier no sechs Joer Zäit beweist d'Regierung, dass se dëse Projet net anstänneg virbereet hat an d'Chamber och net eescht hëlt.

Dir Dammen an Dir Hären, et ass en décke Batz u Steiersuen déi de Stat ausgëtt fir eis Geschicht an eis Kultur iwwert d'Festungsstad ze erhalen a weider ze vermëttelen. Den ADR ka mat den Ausgabe vun dësem Projet averstane sinn. D'Grënn an d'Motivatioun, déi ausféierlech an de virleienden Texter opgezielt sinn, kënn et net besser hei virbréngen. Et gesäit een, dass hei engagéiert Leit um Wierk waren. Dëse Leit aus dem Service des Sites et Monuments, aus dem Veräin vun de Festungsfrënn an och nach anerer, déi sech fir d'Opwäertung vun eiser Geschicht a Kultur asetzen, gehéiert do éischter eise Merci wéi der Regierung.

Den ADR wäert dëse Projet matstëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Merci, Här Greisen. Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Här Garcia, Dir hutt d'Wuert.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vorab eng kleng Remarque, déi ech inspiréiert krut duerch e Virriedner, dee gesot huet, dass fréier d'Festung Lëtzebuerg geholl ginn ass fir d'Ausländer oder déi extern Leit eraus ze huelen an haut huele mer se fir Leit eran ze kréien. Et muss een natierlech soen, dass mer nach weider eng Festung hu fir aner Leit eraus ze halen. Déi ass natierlech net méi an der Stad Lëtzebuerg, mä op Schengen an op d'Grenze vun Europa verschobe ginn.

Eng weider preliminar Remarque. Am Géigesaz zu aneren Deputéierten hei, wëll ech net, wann ech mech eng Kéier géiert hunn, da Slalom féiere fir dat riichtzebéien, mä ech wëll mech hei dann eng Kéier korrigéieren iwwer eng falsch Ausso, déi ech bei der Diskussioun iwwert d'Rockhal hei gemaach hunn, déi och an deem heite Projet gehéiert. Ech hunn nämlech deemools gesot, dass beim Vote iwwert de Projet Neimünster wär e Projet déposéiert gi mat 115 grammatikaleschen an orthographe-sche Feeler. Dat war natierlech falsch, well éischters war et dee Projet vun der Festung, deem am gläichen Owend wéi deemools dee vun Neimünster hei evakuéiert ginn ass an et huet sech net ëm 115 mä 102 grammatikalesch an orthographesch Feeler gehandelt, wat natierlech nach ëmmer ze vill war. Mä ech hunn déi Remarque misste maachen, well zwee Virriedner hei gesot hunn, et hätt sech beim Här Wiseler sengem Rapport an och beim Projet ëm e feelerfräien Text gehandelt. Elo weess ech net ob déi Leit schonn deemools dobäi waren. Wa se dobäi waren, dann hätt dat kënnen eng ironesch Konnotation hunn. Dat bestätegt, dass déi Fuerderung, déi mir ëmmer säit 15 Joer gesot hunn, dass de Kulturministère misst personell

opgestockt ginn, dass dat elo age-trait ass an dofir d'Gefor vun esou klenge Panne méi geréng ginn ass an dass déi Texter, déi haut aus dem Kulturministère kommen, der Perfektioun bedrohlech nokommen.

Ech kommen dann zu dem Projet selwer. Et ass zumindest een Aspekt vun deem heite Projet géint deem ech net ka vill soen, well de Musée de la Forteresse ass u sech eng Initiativ, déi vun eiser Fraktioun ausgegangen ass, souguer vu mir selwer. Ech hunn nämlech deemools bei den Debatten zum dem Pei-Musée eng Proposition de loi déposéiert fir net nëmmen deem Deel, deem haut als Festungsmusée virgesinn ass, mä dee ganze Fort Thüngen als e Musée de la Forteresse ëmzebauen. Dat war natierlech engersäits fir e Géigegewicht géint d'Verschandelung vun dem Fort Thüngen duerch de Pei-Musée ze maachen. Mir hate jo deemools eng Proposition alternative um Site vun de Rotonden an dat war awer och andersäits d'Bestriewe fir dat lescht Zeugnis vun der Festungskultur zu Lëtzebuerg, déi eigentlech ganz intakt bliwwer war oder zumindest visibel bliwwer war, integral ze schützen.

Deemools krut ech och gehollef beim Konzept vun där Proposition de loi vun eminenten Denkmalschützer, an ech muss mer elo nach haut de Virwurf heiansdo gefale loossen, ech hätt mat där Initiativ d'Szen vun de kriteschen Denkmalschützer gespléckt, well een Deel huet sech du vum Kulturministère fänke gelooss a sinn dee Kompromëss agaange fir en Deel vun dem Fort Thüngen fir de Pei-Musée ze opferen an als Contre-partie quasi d'Dräi Eechelen an dat Gebai hannendrun ze kréie fir e Festungsmusée.

Ech stinn awer nach ëmmer zu där Initiativ, well ech fannen, quitte dass ech déi Reserven nach ëmmer zum Pei-Musée hunn, dass ech déi Initiativ, fir de Fort Thüngen zu engem Festungsmusée ëmzebauen, nach ëmmer richtig fannen, an ech muss och soen dass dee Concept muséologique, deem den Här Calteux an eiser Kommissioun presentéiert huet, eigentlech zimlech iwwerzeegend geklongen huet. Iwwert d'Fonctionnements- a Gestionskritäre kann een natierlech streiden, mä dat ass jo och net den Objet vun dësem Projet de loi.

Wou ech natierlech e bësse méi Schwierigkeiten hunn, a mir allgemeng, ass e bëssen déi Hierarchie vun der Conservatioun. Et gëtt ëmmer gesot, mir missten nach zwee Komma esou vill Prozent vun der Festung erhalen, déi iwwerhaupt nach visibel wär. Da muss een awer kucken, dass et an der Politik eng gewëssen Hierarchie gëtt. Op der ieweschter Pyramid vun der Hierarchie sti representativ Gebai-er vun der Regierung, sief et e Musée d'Art moderne, sief et eng Cité judiciaire, fir déi dann awer och wäertvoll Bausubstanz geopfert gëtt.

Als zweet an der Hierarchie stinn d'Parkplazen, well ech wëll drun erënneren, dass eigentlech nach keen op d'Iddi komm ass fir en Deel vun der Festung, deem am Stadpark Lëtzebuerg ass, fräizelleen an dem Publikum zougängeg ze maachen, mä et war awer séier bal jidderee bereet fir deem Deel fir e Parking ze opferen, quitte dass an deem Parking dann nach e puer Fënstere sinn, wou ee kann en Deel vun där aler Substanz bewonneren.

An un drëtter Stell vun der Hierarchie sinn dann eben déi lescht Deeler vun der Festung, déi dann ausgebuddelt ginn an déi ginn natierlech och oft op d'Käschte vun der véierter Schicht vun der Kategorie, nämlech déi vun der Natur. Well ech wëll drun erënneren, an den Här Fayot huet dat och scho mat engem gewëssen Nostalgiegehalt gesot, dass et awer op dem Site vun den Dräi Eechelen zu

importanten Agréffer an deem natierleche Bestand komm ass, an och dee sougenannte Park, deem do fir deier Suen investéiert gëtt an dee mer jo och d'lescht Joer jo hei gestëmmt hunn, verdrängt awer net gewësse Wermutstréinen, déi jiddfereen, deem dee Site do widderhuel besicht huet, an ech hunn dat och a menger verflossener Jugend ganz oft gemaach. Dofir hu mer awer trotzdeem nach ëmmer Etats d'âme, wa mer elo hei déi Transformatioun am grouse Stil vun deem Site gesinn.

Mir kënnen awer trotzdeem akzeptéieren, dass an engem behutsame Mooss verschidden Elementer vun der Festung fräigeluecht ginn. Wou mer allerdéngs net domat averstane sinn, dat ass wierklech déi, wéi den Här Fayot och scho gesot huet, iwwerdrifwe Fräisetzung vun Erënnerungen a Form vun enger zimlech plomper Rekonstruktioun. Dat erënnert een natierlech indirekt u Carcassone, quitte dass de Vergläich e bësse gewot ass, well Carcassone jo wierklech eng Fiktioun war, während hei eigentlech opgrond vu Pläng en zimlech naturgetreie Wiederaufbau ass.

Mir sinn awer grondsätzlech éischer dofir fir eeler Festungselementer zwar ze konsolidéieren, mä an hirem historiesche Verfall ze dokumentéieren an net eppes Kënschtleches erëm opzerlichten. Dat ass natierlech eppes wou een, wann een dat streng verfolgegt, dann däerf hei an der Stad scho bal iwwerhaupt keen Haus méi verteidegen, well déi meescht Hauser, déi hei ronderëm sinn, et fänkt bei der Chamber un an et hält bei normale Geschäftshäuser an der Groussaass op, sinn eigentlech vun engem totale Fassadismus infizéiert, wou just nach d'Fassad stoe bleift an hannendrun eigentlech iwwerhaupt näischt méi vun där historiescher Bausubstanz vorhanden ass.

Wat eis och e bësse stéiert, dat ass dass d'Festung Lëtzebuerg eigentlech dat eenzegst Denkmal kulturhistorischer Natur ass wat Lëtzebuerg e bëssen aus dem Rumpf vun der Mediocritéit steige léisst. Well all déi aner Monumenter, esouguer eis berühmte Buerger, sinn am Vergläich zu deenen, déi et a Frankräich, Italien oder Spuenien gëtt, nach ëmmer relativ bescheiden. Ech mengen, mir waren ëmmer en Département des forêts mat relativ weëne Ressourcen, an dat Eenzege wat hei vun Envergnisse gebaut ginn ass waren effektiv déi militäresch Infrastrukturen, déi ebe vu verschiddene Besatzungsmächten hei opgebaut gi sinn.

Dofir si mir natierlech grondsätzlech dofir, dass ee soll d'Festung als essentiellen Attraktionspunkt ausbauen an erëm eng Kéier revaloriséieren. Allerdéngs si mir och géint esou eng Disney- oder Vauban-Disney-Konzeptioun, wéi et hei dréit auszearten, an ech hoffen dass trotzdeem herno, wann de Circuit bis fäerdeg ass, eng gewësse Vernunft nach herrscht.

Ech wëll awer zum Schluss op zwee Punkten agoen, déi nach en suspens bleiwen an dem Rapport vun der Kommissiounssetzung vum 23. Januar. Dat sinn also 2<sup>1/2</sup> Méint hier. Hei liesen ech: „Suite à une question de Monsieur Garcia, Madame la Ministre propose de faire calculer le montant total investi pour la conservation des vestiges de la forteresse“. Ech wier nawell frou ze héiere wéi dann do dee Montant total wär. Ech mengen esou lues sinn d'Rechemaschinen am Ministère jo och net.

Dat zweet Zitat wat ech aus der Sitzung vum 23. Januar zrëckbehalen hunn ass folgend: „Sur une question de Monsieur Garcia Madame Hennicot-Schoepges répond que la fiche financière concernant le fonctionnement du musée de la

forteresse sera mise à la disposition de la commission“. Et huet also och bal iwwer zéng Woche gedauert bis déi Fiche financière a leschter Minutt komm ass. Ech war e bëssen irritéiert, dass mer virun e puer Deeg, dat war den 1. Abrëll, ech hu geduecht et wier vläicht e Witz, mer am plaz enger Fiche financière e Bréif krute wou de Budgetsminister Luc Frieden seet, dass hie keng Observatioun hätt iwwert déi Fiche financière. An eréischt den Dag duerno, eigentlech gëschter just virun der Sitzung, kënn dann déi Fiche financière. Ech hunn dat e bëssen eng komesch Prozedur fonnt. An ech hunn awer dann emol eng Kéier d'Kontabilitéitsgesetz vum 1999 nogekuckt, an do liesen ech dann am Artikel 79-1 vun deem Gesetz vum 8. Juni 1999: „Lorsque des projets ou propositions de loi, des projets d'amendements d'initiative parlementaire ou ministérielle ainsi que des projets de règlement comportent des dispositions dont l'application est susceptible de greffer le budget, ils sont obligatoirement accompagnés d'un exposé des recettes et des dépenses nouvelles ou des modifications de recettes et de dépenses à prévoir au budget. Cet exposé comprend une fiche financière renseignant sur l'impact budgétaire prévisible à court, moyen et long terme. La fiche financière doit comporter tous les renseignements permettant d'identifier la nature et la durée des dépenses proposées et leur impact sur les dépenses de fonctionnement et de personnel.“ An ech ginn dovunner aus, dass, wann dat am Budgetgesetz steet, dat net dofir do ass, dass déi Fiche financière just fir d'Regierung oder fir de Budgetsminister bestëmmt ass, mä dass déi och der Chamber virleie soll.

Bon, elo hu mer zwou Méiglechkeeten. Entweder hunn déi Dépenses direkt mam Projet ze dinn, zum Beispill Bautendépenses, da mécht et Partie intégrante vum Projet. Wann et awer esou ass, dass mer zum Beispill e Bauprojekt hu wou et kloer ass, dass déi Bauten net gemaach ginn, fir dass se just do an der Natur stinn, mä dass se herno mat Liewen erfüllt ginn an dass se herno Fonctionnements- a Gestionskäschte beinhalten, da gräift dat heite wat am Budgetgesetz steet, nämlech déi Dépenses, déi susceptible si fir de Budget de l'Etat ze grevéieren. An da fanne mir et awer ganz normal oder scho bal banal, dass beim Dépôt vun esou engem Projet schonn esou eng Fiche financière misst dobäi sinn oder spéitstens wann d'Kommissioun, déi zoustänneg ass, ufänkt un deem Projet ze schaffen.

Aus deem Grond wëll ech hei eng Motioun déposéieren, déi d'Regierung opfuert an Zukunft dat ze maache wat eigentlech am Budgetgesetz steet, also quasi sech un d'Budgetgesetz ze halen.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que des projets de loi portant sur des investissements publics dans des infrastructures culturelles sont susceptibles d'entraîner, au-delà des frais d'investissement faisant partie du projet de loi, des frais d'entretien, de gestion et de fonctionnement ultérieurs qui risquent de grever le budget de l'Etat;*

*- consciente du fait que ces frais de gestion et de fonctionnement ultérieurs ne peuvent être chiffrés avec exactitude, mais que pour le moins les députées et députés devraient disposer des mêmes estimations que celles fournies au ministre du trésor et du budget;*

*- considérant que l'article 79.(1) de la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'Etat préconise que*

*« lorsque des projets ou propositions de loi, des projets d'amendement d'initiative parlementaire ou ministérielle ainsi que des projets de règlement comportent des dis-*

*positions dont l'application est susceptible de grever le budget, ils sont obligatoirement accompagnés d'un exposé des recettes et des dépenses nouvelles ou des modifications de recettes et de dépenses à prévoir au budget. Cet exposé comprend une fiche financière renseignant sur l'impact budgétaire prévisible à court, moyen et long terme. La fiche financière doit comporter tous les renseignements permettant d'identifier la nature et la durée des dépenses proposées, leur impact sur les dépenses de fonctionnement et de personnel. »;*

*- considérant que dans ces conditions l'information du législateur ne peut pas se limiter à une information de la part du ministre du trésor et du budget, mais que la fiche financière citée doit obligatoirement accompagner le projet de loi à être traité par la commission parlementaire compétente;*

*invite le Gouvernement*

*- à joindre à tout projet de loi susceptible de grever le budget de l'Etat une fiche financière renseignant sur l'impact budgétaire prévisible à court, moyen et long terme, suivant les dispositions de la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'Etat, et à veiller que cette fiche financière soit à la disposition des députées et députés dès le dépôt du projet à la Chambre.*

*(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.*

Sur ces bonnes et nobles pensées soen ech lech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président.** - Merci, Här Garcia. D'Wuert huet dann elo d'Regierung an ech ginn d'Wuert dann un d'Madame Ministesch Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.** - Här President, ech soen dem Rapporteur Claude Wiseler merci an der Presidentin vun der Kommissioun och, well et ass wichteg dass mer dëse Projet nach kënnen haut evakuéieren, esou wéi ech dann och allen Deputéierte merci soe fir hir Zoustëmmung. Et ass nämlech um Enn vun eise Kreditter net méi méiglech nach weider ze schaffen, wa mer net vun der Chamber de Feu vert kréien. Ech wëll duerfir och e Wuert soen zu där ganzer Restauratiounspolitik.

Mir hunn zu Recht, wéi de Rapporteur et opgeworf huet, e puer Etappen. Mir hunn déi Soenen, déi mer gi fir al Hauser. 90 Joer sinn et fir wann ee wëllt Subside kréien dofir an et ass eng ganz Politik doraus entstanden. Wann déi Politik Succès hat, dann ass dat haaptsächlech engem Mann ze verdanken, deem ech och haut wëll ernimmen an him merci soe wéi bei alle Geleeënheiten, wou ech dat kann, de Georges Calteux, dee mam Pilgerstab duerch d'Land gaang ass an deem d'Leit iwwerzeegt kritt huet, dass se hir Hauser net ofrappe sollen, net moderniséieren an net mat Plastikfassaden ëmgi sollen, mä am ale Stil erëm an d'Rei setzen.

Dat huet dozou gefouert, dass mer d'lescht Joer dat zéngdausendst Haus konnte priméieren, dat et also eng Boule de neige ginn ass, dass vill Privatleit investéiert hunn. Dat war eng Politik, déi duerch minimal Subside vum Stat awer der Economie ganz vill brénge konnt, well grad duerch déi dote Politik vu Restauratioun hu vill Lëtzeburger Betriber Aarbecht kritt, an dat ass och bei dësem Projet erëm eng Kéier eng Begleiteerscheinung.

Wa mir hei restauréiere ginn, da sinn dat Gelder, déi an d'Lëtzeburger Betriber erafléissen, grad besonnesch an dee Secteur vum Bau, dee sech fir de Moment e bësse Suerge mécht ëm seng Op-träg fir dëse Joer. Dës Gelder kënnen déi Betriber berouegen andeems se hinnen erëm eng Kéier



Aarbecht ginn. Et ass also eng Politik, déi à la fois der Économie zegutt kënnt, déi eise Betriber zegutt kënnt an déi dann eis Bausubstanz, wou een zu Recht muss soen, datt mer keng formidabel Bausubstanz hunn, datt se net vergläichbar ass mam Ausland, datt et wéineg Haiser gëtt, déi richteg prestigiéis sinn, mä datt au contraire dee Charakter, deen éischter e ländlechen ass, e bescheidenen, dee vum Bauerenhaus, datt deen awer och derwäert ass fir erhalen ze gi fir ze dokumentéiere wéi eis Geschicht gewuess ass.

Déi Politik ass net esou einfach duerchzesetzen. Wat mer méi eis elo ëm d'Urbanisatioun vun eise Stied an Dierfer Gedanke maachen, an och dat vum architektonesche Standpunkt a vum urbanistesche Standpunkt hier kucken, wat et mer och méi noutwendeg schéngt do méi prinzipiell nei Grondsätz opzestellen, well mir kënnen net ëmmer weiderfuere mat dem Klassement vun eenzelnen Objeten an der Erstellung vun engem Périmètre de protection an da soen, elo muss mer kucke wat sech dorauer ergëtt, an da gesi mer datt mer der Zäit ëmmer handendru wäerte lafen. D'Entwécklung geet nämlech méi séier viru wéi mir vum Kulturministère a vum Service vu sites et monuments déi dote Politik kënne richteg ëmsetzen.

Et ass also do eng Reflexioun erfuert. Ech hoffen, datt déi Reflexioun am Kader vum Projet vum Aménagement du territoire kënnt, an der Erstellung vun neien Aktivitéitszonen a vun iwwerhaapt enger neier urbanistescher Gestaltung vun eise Stied an Dierfer, an datt mer an deem Fall als Kultur net vergiess ginn, mä mat dobäi sinn.

Eng aner wichteg Politik ass déi vun der Dokumentation vun eiser Geschicht, an do ass ganz sécher eis Festung eent vun de wichtige Elementer. A wann ech op de Fort Thüngen méi spezifesch därëf zrëckkommen, dann ass d'Geschicht vun deem Festungsmusée déi, déi jo aus enger Contestatioun vun engem anere Projet entstanden ass, well alleguerten déi, déi sech un de grouse Projet Pei erënnere, deen Ufanks den 90er Joren hei an der Diskussioun war, déi erënnere sech drun, datt mat deem Projet de ganze Beräich vun den Dräi Eechelen, vun deem wat nach do stung, an de Musée d'art contemporain, wéi en deemools geheescht huet, integréiert gi wier.

An deem Sënn ass déi Zweedeeung op där doter Plaz och eng Symbolik vun héijem Wäert. Dat huet emol éischters zur Folleg, datt mer dat Aalt an dat Neit matenee verbannen, datt mer eis mat der UNESCO all Kéiers ofeschere gelooss hunn. Duerfir soen ech deenen, déi hei Termë wéi Walt Disney gebrauchen: Wann d'UNESCO eis dat dote guttheescht, dann ass et ganz bestëmmt net Walt Disney an hiren Aen, well soss hätte mer net den Accord fir dat doten esou ze maache wéi mer dat maachen. Dat ass also alles fachgerecht hannerleucht an och gepréift.

Mir hunn et also fäerdeg bruecht, an et ass erëm eng Kéier eng Politik, déi iwwer laang Zäit an iwwer vill Contestatiounen huet missen duerchgesat ginn, fir al an nei matenee ze verbannen, fir doriwwer eraus awer och dat Stéck Geschicht wat eiser Festung zu Gronn läit kënnen nozuweisen a selbstverständlech hu sech do Konflikt-punkten erginn. Et ass hei opgeworf ginn, firwat dass mer elo an dësem Projet d'Sortie de secours hu missen änneren. Et war nun emol esou, datt mat den Aarbechten aner Sortien entdeckt gi sinn, datt och d'Zesummewuesse vun deenen zwee Projete stänneg tëschent den Architekten diskutéiert ginn ass, an datt sech da leschten Enns d'ITM, déi als Instanz fir d'Sortie de secours d'Zoustännegkeet huet, duerchgesat huet a gesot huet: „Dir musst déi dote Sortie

de secours an deem Sënn änneren wéi se elo hei am Projet virgesinn ass“.

### **(Coups de cloche de la Présidence)**

D'Erstellung vun de Besoine fir d'Festung ze restauréiere konnt eréischt au fur et à mesure gemaach gi wéi d'Aarbechte vun den Ausgruewunge virugaange sinn. Dat heescht, datt ee bei all Restauratiounsprojete vun dëser Envergure natierlech net vun Ufank u soe ka wéi héich déi genee Berechnung vun de Käschten ass. Dat ass jo net méiglech bäi eppes wat ënnert dem Buedem läit. Éischters wësse mir jo emol net wat ënnert dem Buedem läit a mir wëssen och net wat fir eng Envergure dat kritt bis mer et ausgegruewen hunn. Esou datt dat am Fong eng Politik an Etappen ass.

Wa mer nach an eise ale Kontabilitéitssystem gewiescht wieren, dann hätte mer hei iwwerhaapt kee Projet de loi bräichte virzeleeën. Dann hätte mer dat Ganz iwwer e Fong vun der Restauratioun vun dem Monument historique finanziéiere kënnen. Mir hätten dat au fur et à mesure gemaach wéi mer Gelder an deem Fong gehat hätten a mir hätten domadder déi Restauratiounsarbechte maache kënnen.

D'Restauratiounsarbechte vun der Festung hunn 1991 ugefaangen a gi weider bis 2007. Mir wäerten 2007 insgesamt 1,2 Milliarde Lëtzebuerger Frang an d'Restauratioun vun der Festung eragestach hunn. Dat ass kee kleng Montant an dat misst menger Opfaassung no an deem Moment fir 2,17% vun der Festung, déi mer restauréiert hunn, och duergoen. Mir hunn domat eisen Dü geleescht.

Ech weisen awer drop hin, dass 2,17% net vill ass. Dat ass beileiwen net déi ganz Festung. Dat ass net d'Envergure. Dat ass emol net dat wat ee sech ënnert enger Festung vum Vauban jo bildlech virstelle muss. An déi déi an der Konferenz vum Architekt Vasconi waren, deen all d'Vaubansfestunge belicht huet, déi kënne sech nach drun erënneren, datt do Lëtzebuerg schäbig ausgesinn huet mat deem bësse wat et ze weisen huet.

### **(Coups de cloche de la Présidence)**

Mä ech mengen et geet duer. Et soll net méi sinn an domat hu mer eiser Geschicht Genüge gedoen. Mir hunn domadder et fäerdeg bruecht déi historesh Bedeitung vun der Festung an hirem ganzen Ausmooss opzeweisen, well et geet jo och drëm fir nozuweisen wéi d'Leit gelieft hunn, wéi déi Zaldoten, déi an der Festung waren, hiert Liewen do hu misse verbréngen, wéi déi hiert deeglecht Liewe verbruecht hunn. Et geet net drëm fir hei e militäreschen Exkurs ze maachen an eng Geschicht, déi mer besser vergiess wéi datt mer se zelebréieren.

An deem Sënn gëtt hei net iwwert d'Streng geschoss. Entschëllegt, Här President, ech soen dem Här Fayot, datt e vergiess huet ee wichtige Projet ze nennen, dee ganz an eiser Noperschaft hei viru kuerzem restauréiert ginn ass. Dat ass d'Schlass vu Malbrouk. Dat ass vun der franséischer Regierung mat ganz ville Gelder, mat europäesche Gelder esouguer hei an der Noperschaft opgebaut ginn, an dat am Joer 1996. Also et ass net esou, wéi wa mir hei aus dem Kader vun der europäescher Denkmalschutzpolitik géifen erausfalen. Et huet dofir vläicht net grad déi Envergure, déi een hei elo wëllt iwwerbewäerten, well 2,17% vun engem ganze Bauwierk, wat d'Stad Lëtzebuerg duerschitt, dat ass leschten Enns nach net terribel.

### **(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

Ganz sécher ass de Vaubanswee, deen d'Weiderféierung vum Wenzelswee ass, ee Mëttel fir Touristen an d'Stad ze kréien. Et ass och ee

Mëttel fir de Lëtzebuerger de Spadséiergang duerch dës Quartiere vun der Alstad méi agréabel ze maachen a se dohinner ze lackelen. Et huet also och ee Wäert fir d'Fräizäitbeschäftegung vu ville Leit, an dee Succès, dee mer jo mat de Visité vun dem Wenzelswee haben, wäert ganz sécher fir de Vaubanswee och net ausbleiwen.

Ech kommen dann zu de Problemer, déi opgeworf gi si wat d'Gestioun vum Musée ugeet an ech hunn do e bëssen e Problem, Här President. Ech hunn de Parlementsminister gefrot, ob dat dann esou wier, datt een ewell bei all Projet misst eng Fiche financière hannerleeën. An den Här Biltgen huet mer gesot, hien hätt awer do nach ni esou eppes gefrot kritt.

### **(Interruptions diverses)**

Mä de Problem, dat ass jo net deen datt mer net déi Fiche financière do hätte kënnen éischer ginn. Mir hu se jo och gi leschten Enns. Mä ech muss ëmmer nëmme feststellen, datt et mer schéngt wéi datt bei der Kultur méi streng Regeln applizéiert géife gi wéi bei aneren.

### **(Interruptions diverses)**

Ech kucken dat no, well beim CITA hu mer nach guer net iwwert d'Gestioun décidéiert an der Regierung. Do kann ech se beim beschte Wëllen net ginn, well do hu mer nach net driwwer décidéiert. Also mir hunn an deem heite Gesetz vun Ufank u jo gewosst, dat war schon 1997, datt dat ënnert der Federführung vun dem Service des sites et monuments gemaach géif ginn. Datt dat do begleet ginn ass, datt dat do och géréiert géif ginn, dat war natierlech kloer. Mir hunn dat an enger Diskussioun der Chamberkommissioun e bëssen op eng net grad ganz glécklech Aart a Weis mat enger Gestioun iwwer A.s.b.l.en do vermëscht gehat, well et aner Beispiller vu Gestioun vu Schlässer iwwer A.s.b.l.e gëtt.

Mä ech mengen, wa mer och elo eng Fiche financière hannerleucht hunn, wou de Budgetminister geschriwwen huet, hie wier d'accord, esouwäit wéi all déi dote Moossname géife vun der Regierung approuvéiert ginn. Wat heescht dat dann? Mir hu gesot, mir stellen hei zwee Universitäre a fënnef Portieren an, an esou weider an esou virun. Jiddferen dee weess wéi den Numerus clausus gehandhaabt gëtt, dee weess datt mir net dat nächst Joer déi fënnef Portiere kréien an och net déi zwee Universitäre. Datt mer do wäerte schéi mussen iwwert den Numerus clausus fueren, esou datt eng Fiche financière och an deem Sënn nëmme relativ ass, esou datt d'Chamber de toute façon iwwert de Statsbudget an iwwert den Numerus clausus, dee se all Joer do virgëluecht kritt, d'Iwwersicht huet an datt domadder déi Froe wat d'Gestioun ugeet jo dierfte kloer sinn. Et kann een ëmmer alles virusen ginn. Ech si leider net bei deenen déi Hellseher sinn. Ech maache mäi Beschit fir au jour le jour déi Saachen ze géréieren, déi mer hunn. Mir hu mat wéinege Leit viles ze géréieren an ech wëll och hei ausdrécklech de Leit aus dem Kulturministère merci soen, déi ganz sécher net ëmmer wësse wou se fir d'éischt sollen ufänken.

Dat gesot, Här President, soen ech selbstverständlech jiddferengem merci, deen dësem Projet seng Zoustëmmung gëtt. Ech sinn der Meinung dass et e Projet ass, dee fir d'Zukunft vu Lëtzebuerg wichtig ass, deen eis an der Kultur e ganz Stéck méi wäit bréngt an deen déi historesh Vergaangenheet vu Lëtzebuerg verbënnt mat enger neier kultureller Zukunft, déi net méi militäresch ass.

Merci.

■ M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zu der Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4949 a stëmmen driwwer of.

### **Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen dann elo iwwert dat virleend Gesetz of.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 54 Jo-Stëmmen a 6 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt (par M. Fred Sunnen), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Gusty Graas), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Jean Asselborn), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Jeannot Krecké), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombero (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: M. Ben Fayot;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### **(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann zu der Motioun.

### **Motion**

■ M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, kann ech dozou eppes soen?

■ M. le Président.- Jo.

■ M. Jeannot Krecké (LSAP).- Wann der erlaabt, Här President. Mir stëmmen déi Motioun hei, et ass ganz evident, well si ass net superfétatoire. Hei gëtt sech beruff op d'Gesetz an et soll einfach d'Gesetz agehale ginn, a wann et net agehale gëtt, mengen ech, da soll mer der Regierung dat soen. Et ass ganz einfach den Extrait aus dem Gesetz wat ech hei viru mer hunn an ech muss soen, et handelt sech, Madame Minister, net ëm eng Proposition de loi. Bei der Cour des Comptes war et eng Proposition de loi. Hei war e Projet de loi aus enger Regierung, wou Dir och selwer present waart, an esou ginn ech dovun aus, dass all Minister dat do muss wëssen. Dir sidd allerdéngs net déi Eenzeg, déi heiansdo dat do vergësst, an et ass och net iwwerflësseg. Mir ginn hei konfrontéiert mat Voten, wou Gebaier gestëmmt ginn. Et geet jo net drëm eleng en Invest ze bezue-

le vun engem Gebai, sondern et heescht och duerno de Fonctionnement ze assuréieren. An déi Fiche financière soll näischt anescht maache wéi ebe just dokumentéieren, wat sinn d'Käschten déi dat Gebai oder deen Invest do fir déi nächst Joren op de Budget bréngt.

An ech mengen, et ass eng legitim Fuerderung vun der Chamber, datt net nëmme d'Gesetz agehale gëtt, mä datt och beim Vote vun esou engem Gebai dat dote virläit, och wann et heiansdo vläicht méi schwéier ass et opzestellen. Da soll een et trotzdem maachen.

Ech muss och soen, dat Gesetz, wat mer elo just gestëmmt hunn, war jo och fir deen zoustännegen Mann am Ministère eng schrecklech Corvée. Dee war jorelaang gewinnt sech net un déi Prozedur hei ze halen. Du koom dat Kontabilitéitsgesetz an elo zum Schluss vu senger Carrière muss hie sech op eemol u Prozeduren halen. Ech hunn et begréisst, dass en dat gemaach huet, nodeem dass en nach eng Kéier en Exkurs probéiert hat, mä och hien huet dann elo zum Schluss vu senger Carrière, wou e vill Mériter huet, et dann och fäerdegbruecht sech total un d'Prozeduren ze halen. An da solle mer et och hei, wat de Minister ubelaangt, maachen.

■ M. le Président.- Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot an dann den Här Weiler.

■ M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Ech wëll nach drop hiweisen, dat hu mer an der Motioun net nach eng Kéier widderholl. Mir hätten dat och kënne maachen, datt de Budgetsrapporteur an den 90er Joren, den Här Frieden, deen haut Budgetminister ass, relativ vill heiriwwer geschriwwen hat, an effektiv, dat war am Virfeld vun der Verofschiedung vum Kontabilitéitsgesetz, sech an déi do Richtung ëmmer ganz staark gemaach huet, datt dat heite misst passéieren, an ech mengen och, dat ass ee weidert Argument, datt déi Motioun hei absolut berechtigt ass, datt mer déi solle stëmmen, fir datt an Zukunft ee fir allemol jidderee sech dorunner hält.

■ M. le Président.- Den Här Lucien Weiler an dann den Här Rippinger.

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, meng Fraktioun huet och kee Problem mat där Motioun hei, och wa mer se nach op een oder zwee Punkte géifen ëmänneren. En fait gëtt jo hei nëmme dat gefrot wat am Gesetz dra steet an et soll een och net maache wéi wann elo d'Regierung hei systematesch keng Fiches financières géif bei de Projete virleeën. Duerch d'Bank sinn déi Fiches financières do. Si sinn och bei dësem Projet do.

### **(Interruptions)**

Et ass richteg, datt net all Fiche financière esou einfach opzestellen ass. Bei deem enge Projet si keng Problemer do. Do weess een am Virfeld wat eppes kascht. Bei deem heiten huet d'Madame Hennicot eis elo just gesot, dass mer hei kënnen eng Fiche financière kréien, dass déi awer nach nëmme an der Theorie war an an der Praxis wäert eng ganz aner sinn.

An et sinn och Ministeren, déi ëmmer gesot hunn, mir stellen eng Fiche financière op. Herno geet et doriwwer eraus an da gi mer direkt bei den Här Krecké an d'Kommissioun vum Contrôle budgétaire zitéiert, fir dann ze soen, wéisou datt dann elo de Käschtepunkt iwwert déi Fiche financière erausgeet.

Dofir sinn ech frou, datt den Här Garcia hei an déi Motiounen eppes dra gesat huet, datt dat Ganzt soll indikativ sinn. D'Chamber soll wëssen, wa mer e Projet hei stëmmen, a wéi enger Gréissenuerdnung plus au moins déi Käschten évaluéiert ginn. Deementspriedend hu mer kee Problem.



Ech géif awer bieden, Här Garcia, dass Der géift uewen d'Motioun 4949 Vauban-Disney sträichen, an dee leschte Considérant ass a mengen Aen och superfétatoire. Dir hutt alles gesot andeems dass Der dat Gesetz zitëiert hutt, andeems dass Der d'Regierung biet déi Fiche financière virzeleeën.

Dir sot am allerleschte bout de phrase, datt déi Fiche financière dës le dépôt vum Projet de loi derbäi ass. Et ass selbstverständlech wëschenswäert, datt déi Fiche esou schnell wéi méiglech soll do sinn. Wann awer elo eng Kéier net direkt beim Dépôt, mä wa se dans la suite net muer, mä eréischt wa mer de Projet solle stëmmen, mä en temps utile déi Fiche déposéiert gëtt, da mengen ech, dass mir als Chamber och domadder kënnen d'accord sinn.

■ Une voix.- Virum Rapport?

■ M. le Président.- Jo.

Här Rippinger, Dir hutt d'Wuert.

■ M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, et ass jo selbstverständlech, dass mer eis un d'Gesetz halen, mä...

(Hilarité)

... ech muss awer soen, dass ech keng Motioun stëmmen, wou uewen driwwer Vauban-Disney steet, dat muss ech éierlech soen. A wann déi gréng Fraktioun dat net zrëckzitt, da stëmme mir d'Motioun net. Dat ass ganz einfach de Spunnes gemaach mat där ganzer Saach.

(Interruption)

An ech muss lech weider soen, wann Der eis Gesetzter esou op-huelt an Der maacht esou Motiounen, mech interesséiert dat dann net. Wann Der dat net ewech huelt an och dee leschte Saz: «...à veiller que cette fiche financière soit à la disposition des députés dès le dépôt». Dat ass jo net méiglech beim Dépôt, well och bei den Diskussiounen an de Kommissiounen kënnen jo Ännerungen, Amendementer kommen.

Dofir géif ech lech proposéieren, dat do ewech ze loossen, a Gesetzestext ze huelen, uewen Disney ewech an da stëmme mer lech et.

■ Des voix.- Ah!

■ M. le Président.- Här Bausch.

■ M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, mir sinn d'accord mat deenen Ännerungen.

«Vauban-Disney» hu mer dra gesat, well mir wollten emol eng Kéier den Här Krieps vun der Demokratescher Partei am Cabaretsstil e bëssen iwwertreffen.

(Hilarité)

Et ass net esou einfach, dat ze maachen, mä ech mengen heimat ass et eis gelongen, wéi Är Reaktiounen bewisen.

■ M. le Président.- Här Weiler.

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech géif den Här Garcia biede bei deem leschte Bout de phrase ze soen, datt d'Fiches financières sollten esou deposéiert ginn, wéi den Här Krecké dat proposéiert huet: "... au plus tard avant l'adoption du rapport". D'accord?

■ M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Et ass gutt esou.

■ M. le Président.- Wéi ech d'Saach gesinn, kënnen mer par main levée ofstëmmen.

**Motion 1 modifiée**

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que des projets de loi portant sur des investissements publics dans des infrastructures culturelles sont susceptibles d'entraîner, au-delà des frais d'investissement faisant partie du projet de loi, des frais d'entretien, de gestion et de fonctionnement ultérieurs qui risquent de grever le budget de l'Etat;*

*- consciente du fait que ces frais de gestion et de fonctionnement ultérieurs ne peuvent être chiffrés avec exactitude, mais que pour le moins les députées et députés devraient disposer des mêmes estimations que celles fournies au ministre du trésor et du budget;*

*- considérant que l'article 79.(1) de la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'Etat préconise que*

*« lorsque des projets ou propositions de loi, des projets d'amendement d'initiative parlementaire ou ministérielle ainsi que des projets de règlement comportent des dispositions dont l'application est susceptible de grever le budget, ils sont obligatoirement accompagnés d'un exposé des recettes et des dépenses nouvelles ou des modifications de recettes et de dépenses à prévoir au budget. Cet exposé comprend une fiche financière renseignant sur l'impact budgétaire prévisible à court, moyen et long terme. La fiche financière doit comporter tous les renseignements permettant d'identifier la nature et la durée des dépenses proposées, leur impact sur les dépenses de fonctionnement et de personnel. »;*

*invite le Gouvernement*

*- à joindre à tout projet de loi susceptible de grever le budget de l'Etat une fiche financière renseignant sur l'impact budgétaire prévisible à court, moyen et long terme, suivant les dispositions de la loi du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'Etat, et à veiller que cette fiche financière soit à la disposition des députées et députés au plus tard avant l'adoption du rapport.*

**Vote**

Wie fir d'Motion 1 modifiée ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motion 1 modifiée ass eestëmmeg ugeholl.

Mer fuere weider mat eisem Ordre du jour a kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4857 iwwert d'Statskonte vum Joer 1999. Et si schonn agedroen: déi Häre Krieps, Mehlen a Bausch. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jeannot Krecké.

### 3. 4857 - Projet de loi portant règlement des comptes généraux de l'exercice 1999

**Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire**

■ M. Jeannot Krecké (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nom Exkurs an déi kulturell Landschaft ass wahrscheinlech d'Zuelematerial, wat hei virläit, manner interessant. Ech probéieren lech net ze nerve mat Zuelen, mä op e puer Punkten einfach opmierksam ze maachen, déi ech als Rapporteur vun där Kommissioun wëllt un lech bréngen.

Dat éischt: Mir stëmmen elo d'Konte vum 1999 an dat wäert fir d'lescht si wou mer esou wäit hannendra sinn, well, wéi Dir wësst, hu mir 1999 jo en neit Kontabilitéitsgesetz eis ginn, wat eng ganz Rei Prozedur virgesäit an notament och Datumen an Délaie wéini d'Regierung muss d'Konte virleeën, wéini d'Cour des Comptes muss hire Rapport virleeën, esou dass ee kann dovun ausgoen, dass dat hei an Zukunft wesentlech besser gëtt.

Ech muss soen, elo nach iwwert d'Konte vum 1999 am Detail ze schwätzen, ass bestëmmt keng ganz spannend Geschicht, d'autant plus mer scho Geleeënheet haten iwwert deen u sech ganz politeschen an doduerch méi spannenden Deel vun de Comptes bloqués, deen am Avis vun der Cour des Comptes stoung, am November 2001 ze schwätzen.

Mir sinn dorops hin an de Plenum komm an hunn deen u sech ganz controverséierte Punkt am Detail diskutéiert an eng Motioun verabschiedet, an zwar unanimement, wou runner den Avis vum Conseil d'Etat, menger Meenung no, och näischt méi ännert, Conseil d'Etat dee scheinbar net ganz eiser Meenung war, mä mir si bei eiser Meenung bliwwen an ech gesinn net an, firwat dass mer elo sollen higoen an dat nach eng Kéier alles opwullen.

Mir hunn deemools festgestallt, dass dat net geschitt war, wat 1998 an enger Motioun vun der Chamber gefrot gi war, an hunn dorops hin d'Regierung opgefuerdert Explicatiounen ze ginn an dofir ze suergen, dass dat géing an d'Rei gemaach ginn. Dat ass an d'Rei gemaach ginn, esou wéi d'Chamber dat gär gehat hätt, an et ass Rapport vun der Cour des Comptes gemaach ginn den 29. Abrëll vum Joer 2002. Mir hunn Akt dovunner geholl an hunn d'Prozedur akzeptéiert, esou wéi d'Regierung se schlussendlech duerchgezunn huet. Dat zum méi politesch wichtigen Deel.

Zu deenen anere Punkten, mengen ech, huet et kee Wäert, dass ech lech an Erënnerung ruffen, dass mer hei an enger Period waren, wou mer d'Chance hate Plus-valuen ze hunn a mer doriwwer diskutéiere konnten. Mëttlerweil gesäit dat jo e bësse méi schlecht aus.

Hei hu mer u sech Recettë gehat am Ordinaire de l'ordre de grandeur vun 11% méi, 20 Milliarden eiser aler Frang. D'Opzielung eriwregt sech. Den Detail dovun fannt Der an den Texter. En ass schonn diskutéiert gi wéi mer d'Affektatioun vun deene Plus-valuen iwwer e Gesetz gemaach hunn. Et bleift awer nach ëmmer e bëssen de Problem, wéi mer an de Prozeduren eisem Kontabilitéitsgesetz gerecht ginn, well u sech misst all Operatioun, an och d'Affektatioun vun de Plus-valuë vun engem Joer an deem Joer geschéien, oder an deem Délai comptable vun deem Joer, wat bei eis natierlech nach ëmmer net de Fall ass, vu dass d'Affektatioun vun de Plus-valuen hannert deen Délai fällt, wou u sech d'Konte clôturéiert ginn. Fir dat propper ze maachen, waarde mer nach ëmmer drop, dass de Budgetsminister Reaktioun weist op déi Propositionen, déi eenzel Leit an där doter Fro gemaach hunn, fir ze kucke wéi mer déi Prozedur vun den Affektatiounen vun de Plus-valué géinge conforme zum Gesetz faerdeg bréngen, well hei maache mer et zou an iergendwann maache mer et erëm op, eppes wat am Gesetz an där Form net virgesinn ass. Och wann dat politesch net ganz spannend ass, ass et awer vläicht gutt, wa mer eis do kënten eenegen, dass mer eng Prozedur hätten, déi conforme zum Gesetz vun 1999 wär, oder mer missten d'Gesetz op deem Punkt emännern.

Dat gëllt och fir de Punkt 4 iwwert d'Agents de l'Etat, wou mer en Différent säit laangem hunn. Bis elo ass et esou, dass par avance bezuelt ginn ass, Salairen an Traitementen beim Stat. Do sinn awer eng ganz Rei Contestatiounen gewiescht. Eng ganz Rei vun deenen Traitementen sinn a Fro gestallt ginn. Et huet sech heiansdo bei mettons 100.000 Frang ëm 2.000 Frang gehandelt, mä doduerch ass de gesamte Montant u sech net reguliséiert ginn, wat mat sech bruecht huet, dass den Ordre de grandeur vu 5 Milliarden aler Frang nach Traitementen a Salairë sinn. Wuel net alleguer elo an där Form. An et ass och net, dass déi elo net scho virgesi sinn am Budget, et ass just e Wee ze fanne fir dat ze reguliséieren.

Mir fuerderen och do d'Regierung als Kommissioun op dat ze maachen, besonnesch well de Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative eis de 5. November 2001 gesot huet, et wier elo Schluss mat där Praxis vun der Avance. Et war gesot ginn, den 1. Januar 2002 wier dat eriwwer. Mir stellen awer fest, opgrond vun enger ganzer Rei vun Informatiounen, dass dat net geschitt ass an dass mer och elo nach déi Situatioun hunn. Mir wëllen, dass d'Regierung, an doriwwer eraus hire Statssekretär, soll emol kucken, dass dat do endlech Wierklechkeet gëtt, dat heescht, dass mer net méi par avance fueren, fir dass mer déi Situatioun do net méi hunn, a mer eis dann eventuell mam Budgetsminister kënten eens gi wéi mer dat solle reguliséieren. Mir mussen jo déi Milliarden nach eng Kéier verschaffen, quitte dass mer wëssen, dass dat am Fong geholl nëmmen eng Opération comptable ass, déi eigentlech Operatiounen si scho vollzunn, esou dass och dat kee schrecklech spannende Moment ass, mä effektiv awer muss et iergendwa reguliséiert ginn, fir dass mir an der Rei sinn.

D'Transferté vun den Articles budgétaires si gemenger Hand bei eis an der Kommissioun an och all Kéiers bei der Cour des Comptes ugeprangert ginn, well nach wie vor nach ëmmer déi Remarques sommaires beim engem Transfert sinn. Dir wësst, ab 1. November kann ee vun engem Budgetsartikel am Ënnere vun enger Sektoun eriwwer an eng aner Suen transféieren. Et stellt een och ëmmer erëm fest, dass heiansdo ganz Kreditter oder 90% vun engem Kredit eriwverkommen an en aneren, dat heescht dass dee Kredit, dee mir hei gestëmmt hunn, iwwerhaupt net virgesi war, oder iwwerhaupt net gebraucht ginn ass, a schlussendlech fir aner Saache gebraucht ginn ass. Ech weess, dass e Budget net 100% esou duerchgezéien ass, mä et mierkt een, dass eenzelner vun de Ministeschkollegen awer sech et do einfach maachen an net gewëllt sinn hir schlecht Gewunnechten op deem Punkt ze änneren.

Mir haten eis virgeholl, Här Minister, bei de Budgetsdebatten fir d'Joer 2004, dat heescht am Dezember, nach eng Kéier drop zrëckzekommen, well mer net wëllen, dass déi Situatioun esou weider geet. Mir wieren also frou, wann Der Are Kollegen diesbezüglich eis Meenung géingt dës à présent matdeelen, dass mer op alle Fall bei de Budgetsdebatten wëllen drop zrëckkommen.

En anere Punkt ass dee vun de Comptables extraordinaires. Dir wësst et sinn eng ganz Rei Leit, déi u sech iwwer Budgeté verfügen. Dat ass haaptsächlech de Fall um Niveau vun den Affaires étrangères. Et ass offensichtlech, dass e Gesandten, e Botschafter e Budget huet an dass en natierlech muss en temps utile Konte virleeën. Dat ass an deene leschte Jore katastrophal verlaft. Dat heescht, mat groussen Retarden. Eenzel Leit hu sech wierklech laang geziert fir esou eppes ofzeginn. Wann ech soe laang, dann huet et sech net ëm Méint, mä ëm Jore gehandelt. Dat ass an eisen Aen inakzeptabel. Eng Chamber kann dat net zouloossen. Et ass eis gesot ginn, dass dat och materiell heiansdo net ze bewältige wier. Ech sinn der Meenung, dass et materiell an Zäite vu Fax scho méiglech gewiescht wier.

Mir hunn am Kader vun de Budgetsdebatten, zumindest um Niveau vun der Finanzkommissioun, kënnen feststellen, dass beim Budget fir dës Joer e ganze Koup Sue virgesi si fir dat Ganz ze informatiséieren an domat och méi schnell ze maachen. Hoffe mer, dass déi eenzel Leit, déi manifestement do à la traine waren, a wou ech iwwerzeegt sinn, dass et net nëmmen eng Fro vun Informatik war, mä och eng Fro vu guddem Wëllen a vun

Ëmsetzung vun deem, wat d'Chamber gär hätt, dass déi Leit sech da conforméieren un d'Gesetz, well soss musse mer leider nach eng Kéier dorop zrëckkommen. Fir de Moment hu mer de gudden Wëlle vun deene Leit net a Fro gestallt, mä mir wäerte se jugéieren à l'acte.

Mir wäerte se jugéieren à l'acte.

E Wuert zu de Marchés publics. D'Marchés-publics-Gesetz gëtt elo reforméiert. Ech weess zwar net, ob dat, wat mer do reforméieren, eppes Wesentlech un der Praxis ännert, enger Praxis déi säit Jorzéngt grasséiert a wou Circulairë vun '89 ënnersträiche wéi déi Marchés publics misste vollzu ginn, haaptsächlech da wa Marchés de gré à gré ex post geschéien. Et stellt ee fest am Joer '99, an ech hunn d'Impressioun, datt dat och elo nach net vill besser ginn ass, dass ëmmer erëm d'Kolleege sech net drun halen an ex post Marchée régulariséiere wëllen.

Mir haten ee Beispill geholl, dat vun der Assistance technique um Niveau vun de Ponts et Chaussées, fir ze weisen an och nach eng Kéier ze ënnersträichen an där Administratioun och matzedeele, dass d'Chamber domat net kënnt d'accord sinn, well e Gesetz virgesäit, dass et net iwwer d'Exercices eraus kënnen Accorde gi wat d'Assistance technique ubelaangt. Dat huet dann och net ze passéieren!

Doriwwer eraus, Här Minister, stellt ee fest, dass et eng dréchen Opzielung vun Zuelen ass, einfach wat d'Plus-valuen ubelaangt. D'Chamber huet lech '96 eng Kéier opgefuerdert beim Budgetsrapport, deen ech nach selwer gemaach hunn, Dir wësst, d'Geschicht hält een heiansdo an, och lech huet se ageholl elo grad nach beim Gesetz wat mer évoquéiert hunn iwwert d'Loi de la comptabilité, wou d'Fiche financière an Ärem Budgetsrapport a bei Ärem Bericht ëmmer e grousst Uleies war, esou ass et och hei bei mir gewiescht.

Déi Analyse économique ass awer nu wierklech dürfteg, fir net ze soen net do. Ech si mer bewosst, datt et sënnslos ass 50 Säiten ze schwärzen iwwert déi Problematik. Et wier awer net schlecht, wann een trotzdeem drop hiweist, wou eenzel Plus-valuen hir Explicatioun fannen. De Statec huet eis fir 1999 4,2% PIB virausgesot, d'Kommissioun 4,7% an da kommen der 9,9% eraus, do geet et jo dann awer net duer, egal bäi wellecher Regierung, einfach hinzegoen an ze soen: Okay, dat ass nun eben anescht gelaf wéi mer geduecht hunn. Den Ënnerschied ass einfach ze vill grouss. Et misst een awer e puer Wuert Explicatioun ginn an duerfir misst een awer eng gewëssen Analyse économique, och wa se succincte a kuerz ass, dobäi leien.

Dat gesot, Här President, wollt ech nach drop hiweisen, wou mer elo dru sinn. Mir sinn dann haut domat konfrontéiert d'99er Konten ze stëmmen. D'Konte vum 2000 sinn am Abrëll 2002 deponéiert ginn, wann ech mech gutt erënneren. D'Cour des Comptes huet den 19. November hire Rapport ofginn. Deen hu mer. Mir waarden nach ëmmer mat Schmäerzen a mat vill Freed op den Avis vum Conseil d'Etat, dee säit dem Abrëll, an elo ass et geschwënn e Joer hier, iwwert d'Konten nach näischt ofgeleiwert huet.

Mir wiere frou, wann d'Kolleege vum Conseil d'Etat eis géingen dobäi hëllefen, fir dass déi Diskussiounen, déi hei verlafen, net duerch déi grouss Vergaangenheet oder den Délai zumindest no hannen op eemol keng Aktualitéit méi duerstellen. Duerfir den Appel un d'Kolleege vum Conseil d'Etat dat ze maachen.

D'Konte vum 2001 sinn am Juni deposéiert ginn, während virgesinn ass, an de Minister weess dat, dat